# FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIOUNSDATUM: 17/02/2026

## RANDOM ACTS OF KINDNESS DAY

Haut, 17.2., ass de “Random acts of kindness day” - oder op Lëtzebuergesch gesot “den Dag fir spontan fein ze sinn”. E frëndlecht Wuert an e léiwe Gest, dat kascht eis näischt, kann awer vill bei eise Matmënsche bewierken. Am Fräie Mikro luet de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, eis dofir an, iwwer déi kleng gratis Frëndlechkeeten nozedenken - a se als humanistesch Akten am Alldag ze feieren.

### TEXT (442 WIERDER – MAX 2:30)

Dacks maache mer sou kleng Gesten, sou « random acts of kindness », ouni eis grouss Gedanken ze maachen, ouni eng extra Belounung z’erwaarden an ouni ze denken, datt deen anere Mënsch sech eis Frëndlechkeet besonnesch verdéngt hätt. Mir maachen et oft, well mir – als Mënschen – sou ugeluecht sinn, fir am Aneren ee Mënsch kënnen ze gesinn, ee Mënsch wéi mir selwer, mat Wënsch, Bedürfnisser, Ängschten a Freeden. Et schéngt eis zwar duerchaus mei einfach ze falen eis frëndlech ze verhale wa mer am Aneren eis selwer, eise “Nächsten”, erkennen. D’Wuert « kindness » am Engleschen erënnert un d’Wierder « kind » a « kin », wat souvill wéi « vun eiser Aart, vun eiser Famill » heescht… An awer, maache mir sou Gesten oft grad bei Mënschen déi eis net no stinn.

Eng gratis Frëndlechkeet bezeechent also eppes wat mer ouni Hannergedanken, einfach sou a spontan maache fir enger Persoun, déi mer meeschtens net kennen, ee klenge Gefalen ze maachen. Et

kann een also soen datt mer – iergendwéi onbewosst a fir ee kuerze Moment – am Friemen eis selwer oder « ee vun Eisen » erkennen.

Biologesch gesinn, si mer jo all iergendwéi Famill mateneen. Wat eis vuneneen trennt, ass guer net sou vill eis Biologie, mee sinn déi kulturell Identifikatiounen déi mer eis konstruéiert hunn.

Am sougenannte « Friemen » « ee vun Eis » erkennen, ass also ee, mei oder manner bewossten, awer subversiven, « acte de résistance » géint mënschefeindlech Ideologien a géint Zynismus a Nihilismus. Kommt, mer loossen eis net virschreiwe, wee mer als « kin » unzegesinn hunn a wee net. Kommt, mer refuséiere, fir Mënschen a vermeintlech « Natur gegeben » Këschten ze stiechen an hinnen, zum Deel, hier Mënschewürd of z'erkennen oder zumindest se als manner wäertvoll unzegesinn.

Wa mer also haut « random acts of kindness » bewosst zelebréieren, da weise mer och datt Empathie keng Schwächt ass, mee dat se eis hëlleft mat anere Mënsche Matgefill ze hunn an an hinnen « ee vun Eisen » z'erkennen.

Wa mer, zum Beispill, enger friemer Persoun d'Dier ophalen, da weise mir där Persoun datt si eis net egal ass, an datt mir frëndlech sinn, ouni eis dofir iergend eng Belounung z'erwaarden, a mir weisen dobäi och, datt mir Mënsche sinn. Well et läit ebe grad an eiser mënschlecher Natur, datt mir a Friemen, a net just an eisen "Nächsten", ëmmer och Mënschen erkenne kënnen, deene mir hier Mënschlechkeet spigelen andeems mir si mënschlech behandelen, och wa mer eis nach ni virdrunner begéint sinn, an eventuell ni mei wäerte rëmgesinn…

A deem Sënn, wënschen ech iech all vill gratis Frëndlechkeeten haut – awer och an Zukunft – z'erliewen.